CSV FRÉISENG

Froen un de Schäfferot

Sëtzung vum Gemengerot vun der Gemeng Fréiseng den 10. Mäerz 2021

Här Buergermeeschter, Dir Häre Schäffen,

sou wéi d'Gemengegesetz dat a sengem Artikel 23 virgesäit, an eis baséierend op den Artikel 8 vum "Ordre Intérieur de la Commune de Frisange", wëlle mir am Numm vun der CSV zum Punkt „Questions écrites au collège échevinal“ vun der Dagesuerdnung déi folgend Froen un lech riichten:

Fussballsterrain zu Uespelt

An engem Artikel vum 2. Februar 2021 am Lëtzebuerger Wort geet dovu riets, dass eis Gemeng wëll den Haapterrain zu Uespelt dréinen an eng nei Trainingsplaz a Richtung „Rue de Mondorf“ uleeën. Et hätt een dofir de Bauperimeter erweidert an et géif een op d'Autorisatioune vum Innen- a vum Ëmweltministère waarden. D'CSV Fréiseng huet an dem Kontext folgend Froen:

- Kann de Schäfferot dës Aussoe an där Form bestätegen?
- Falls jo, wéi ass den aktuelle Stand a wéini soll dëse Projet realiséiert ginn?

Marc Jacoby Claude Courtois Georges Hoffmann